ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister, d'Madamm Justizminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Eng amerikanesch Finanzgesellschaft wëll hiert Personal anscheinend forcéieren, sech impfen ze loossen, fir mat der Heemaarbecht kënnen opzehalen. Verschidden Affekoten hunn dëst an der Press kommentéiert an ënnerstrach, datt e Patron keen Abléck an de medezineschen Dossier vu senge Salariéen zegutt hätt. Dës missten him och keng Froen zu hirem Gesondheetszoustand beäntweren. Esou Aussoe werfen e puer Froen op, déi ech den zoustännege Ministeren heimat stelle wéilt.

1. Wat ass der Regierung hir Positioun, wann e Betrib, deen a priori net mat vulnerabele Persounen ze dinn huet, decidéiert, net geimpfte Salariéen net an de Büroen ze akzeptéiere mee zu Heemaarbecht ze zwéngen?
2. Verschidden Affekoten hunn an der Ëffentlechkeet gesot, datt, hirer Meenung no, en Employeur keng Asiicht däerf an déi medezinesch Dokumenter vun engem Salarié froen. Wéi stellt sech d'Regierung zu esou Aussoen?
3. Wéi kann de Schutz vu perséinlechen Donnéeë géintiwwer dem Employeur eescht geholl ginn, wann zum Beispill all Cafetier a Restaurateur esou wéi all Sécherheetsmann um Fussball-Terrain oder bei engem Concert am Kader vun de Covid-Moossnamen dës Informatiounen däerf agesinn?
4. Huet d'Regierung eng Positioun, wa Betriber vun hire Salariée Saache verlaangen, déi iwwert d'Dispositioune vun de Lëtzebuerger Covid-Moossnamen erausginn?
5. Wéi ee Service ass zoustänneg, fir d'Rechter vun de Salariéen ze schützen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten